Jonglënster, den 02. Abrëll 2025

# 16. Reunioun – Rapport

**31. Mäerz 2025 – Centre Polyvalent „Gaston Stein“**
**Commission des sports et loisirs et de la jeunesse**

## 1) Präsenz

| NOM | PRENOM | PRÉSENT.E | EXCUSÉ.E | N.EXCUSÉ |
|---|---|---|---|---|
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |

## 2) Begréissung & Aleedung mat der Presentatioun vum Ordre du Jour

- Begréissung duerch d'Presidence un d'Membere vun der Kommissioun a Virstellung vun eisem neie Member. Wëllkomm!

## 3) Approbatioun vun de leschte Rapporten

- De leschte Rapporte vun der 15. Sëtzung ass approuvéiert ginn.

## 4) Sportleréierung - Biergeréierung

- An der leschter Versammlung ware mir eis zimmlech séier ënnert eis eens, dass verschidde Froen déi opgeworf gi sinn, musse gekläert ginn. Nëmmen esou kënne mir ee kompletten Avis zur Sportleréierung eraus ginn.
- Genau dofir hunn d'Presidentin an de Sekretär de Sportschäffen Dënschdes, den 11. Mäerz gesinn.
- Mir hunn him eis Gedanken an Iddie presentéiert, déi mir an de Versammlunge virdrun ausgeschafft hunn. Dës sinn och esou am grousse ganze gutt befonnt ginn. Dëst erméiglecht et eis elo, den Avis ze komplettéieren a fäerdeg ze stellen.

## 5) Lënster Wibbelt

- Leider hunn sech manner Veräiner gemellt wéi d'lescht Joer. Mir hunn de Moment nëmmen 12 Aktivitéiten anstatt 16. Mir froe beim Volleyball a Badminton no. Vum Volleyball krute mir leider een negativen Avis, de Badminton ass awer dobäi.
- Falls et just 12 Aktivitéite wieren, passe mir de sportleche Programm gegeebenefalls un. Eng Méiglechkeet wier dass d'Sportaktivitéite bis 20 Auer an de Foodvillage bis 22 Auer op wier. Dëst ass esou gutt geheescht ginn.
- De Prinzip vun der Stempelkaart hale mir bäi. Dës gëtt natierlech ugepasst.
- Mir froe beim Tennis no ob si Championnat mëttes hunn oder ob et méiglech wier, dass si schonn ab 16 Auer hir Aktivitéit kéinten ubidden.
- D'Gemeng huet nach vum leschte Joer 600 Bidonen iwwreg. Dowéinst schloen si fir, och dëst Joer dësen als Gadget ze benotzen. Eis Propose vum Drauwenzocker a Schlësselunhänger sinn net zeréck behale bliwwen. Et war och net méiglech Schweessbännecher ze fannen déi Made in Europe sinn.
- D'Gemeng huet eng nei grouss Friteuse kaaft déi Made in Italy ass. (2x7 fréier // elo 2x18 Liter).
- De Basket an de Fussball sinn déi zwee eenzeg Veräiner déi sech fir ee Cateringsstand gemellt hunn. De Fussball wäert d'Buvette am Aquarium maachen, de Badminton de Gedrénksstand an de Basket wäert grillen a d'Fritte maachen.
- Mir froen de Fitness Club op si Loscht hätte Kuchen an Taarten op engem Stand ze verkafen. Den Akaf fir d'Wueren iwwerhëlt d'Gemeng. Zutate sollen aus Lëtzebuerg sinn.
- Falls déi nee soen, hu mir geduecht d'Lënster Treppler, duerno d'Jugendhaus, respektiv déi aner Sportsveräiner froen.
- D'Sprangschlässer si bestallt (Torwand, Aachst, normal Sprangschlass, Parcours, Rodeo)
- Mir wäerten d'Powerpoint iwwerschaffen, dëst betreffent der Versammlung mat de Veräiner.
- Mir wäerten och um Social Media eng ganz Rëtsch vu Posts maachen. Hei wäerte mir eng Virstellungsronn mat all de Veräiner maachen déi deel huelen.
- De Start wann Dieren opginn ass ab 15:30 Auer

- Mir wollten de Sportsveräiner RDV um 15 Auer an de Cateringsveräiner um 14:30 Auer ginn. D'Kommissioun ass ab Moies do.
- D'Veräiner mussen ëmmer ënnerschreiwe beim Kommen a Goen.
- De Verdeelungsschlëssel bleift vum Prinzip d'selwecht gëtt awer weider ausgebaut. Dat heescht, dass elo eng Aktivitéit zwou Stonne sinn. Dëst fir de Schlëssel méi gerecht a solidaresch ze gestalten.
- Mir wäerten d'Iessen an der Provencale bestellen. Sou wäerte Produiten aus Lëtzebuerg geholl ginn.
- D'Gemeng bestellt Entréesbännecher mat lafender Nummer.
- Eng Persoun aus dem Service Recettes wäert normalerweis präsent sinn. Sou kënnen d'Leit dëst Joer mat Kaart a Cash bezuelen.
- Mir wäerten Tshirts fir d'Kommissioun bestellen an de Veräiner soen si solle kee Merch undoen op deem Nuit du Sport drop steet.
- D'Präislëscht vum leschte Joer muss ugepasst ginn.
- De Prinzip wéi mir en ugeduecht hu wéi um Chrëschtmaart fir de Spullwon, stoung esou net am Umeldungsformular. Eis Propose ass elo, dass d'Kommissioun de Spullwon vu 16 – 18 Auer iwwerhëlt. Duerno géifen d'Cateringsveräiner iwwerhuelen. Entweder wieren dat pro Stand eng Persoun wärend zwou Stonnen oder d'Cateringsveräiner kucke wéi si Saachen au fur et à Mesure brauchen a spullen dann. Mir beschwätzen dëst awer als éischt zesumme mat de concernéierte Veräiner am Kader vun der Informatiounsversammlung.

## 6) <u>Seefekëschterennen</u>

- Bei dësem Thema si mir nach net weiderkomm. Dëst bedéngt, dass den 31. Mäerz Owends d'Versammlung vum Conseil d'Administration zu Déifferdeng stattfonnt, an si hei mussen hier Zoustëmmung ginn.
- Wat mir geplangt hunn elo an enger éischter Etappe ass ee gemeinsame „Save the Date". Dëst ass och vun eisem Service Communication gutt geheescht ginn.
- Mir froen den Asport erëm wéi d'lescht Joer fir den Arc ze kréien.
- Mir froe bei der Ski- a Liichtathletikfederatioun no fir ee Chrono geléint ze kréien.

## 7) <u>Ëmfro Veräiner</u>

- Ee Member an der Kommissioun huet aus den Äntwerten eng Synthèse geschriwwen. Dëst Dokument gëtt elo un alleguerten d'Memberen aus der Kommissioun geschéckt. De Sekretär wäert en Avis opgrond vun dëser Synthèse ausschaffen.

## 8) Kannergemengerot

- De Sekretär huet mat de Verantwortleche vu Mini-Lënster riets gehat iwwert d'Thema Kannergemengerot. Si wieren immens motivéiert hei dëse Projet mat ze begleeden. Als Kommissioun gesi mir dëst ganz positiv.
- Dofir wëlle mir déi verschidden Acteuren an eng Zort Aarbechtsgrupp zesumme bréngen.
- Des Weidere wëlle mir hei wieder Kontakt mat der Gemeng Betzder an Ettelbréck ophuelen. Si hunn dëse Projet schonn an hiere Gemengen a sou kënne mir duerch hier Best Practices léieren. Si hunn sech och offe gewisen.

## 9) Projeten

- **Noahltege Frisbee**
  - D'Presidentin vun der Sport- a Jugendkommissioun huet bei der Sekretärin vun der Legislatur 2011 – 2017 nogefrot fir alleguerten Dokumenter ze kréien. Hei krute mir och eng positiv Äntwert awer nach keen Zouschécke vun den Informatiounen.
  - D'Presidentin wäert hei eng Relance maachen.

- **Tunnel Gonnereng - Graffiti**
  - De Projet Graffiti hu mir am Service Communication an am Schäfferot nach eemol ugeschwat. Hei hu mir elo ee „Common Ground" fonnt.
  - Doduerch dass d'Iddi vun dësem Projet an der leschter Sportskommissioun novir komm ass wäerte mir elo och eng Hand beim Oflaf duerch Verpfleegung mat upaacken.

- **PumpTrack**
  - Dës ass och eng Iddi vun der leschter Sportskommissioun gewiescht. De Chantier ass amgaangen, mir wëssen awer Stand elo nach net wéini dëse soll ofgeschloss sinn. Eventuell fir de Summer.
  - D'Sportskommissioun wäert och op der Ouverture mat dobäi sinn.

## 10) Oppen Diskussioun

- **Logo Kommissioun**
  - D'Presidentin an de Sekretär kruten eng éischt Versioun vum Logo virgestallt, deen d'Agence vun der Gemeng entwéckelt huet. Déi zwee

hu verschidde Verbesserungsvirschléi dem Service Communication mat op de Wee ginn.

- **Maskottchen**
  - Mir krute matgedeelt, dass d'Thema Maskottche bis elo nach keen Thema an der Schoulkommissioun gewiescht wier. Eng Persoun aus eiser Kommissioun, déi och an der Schoulkommissioun ass, wäert dëst Thema do uschwetzen.

- **GR Passion**
  - Dëse Veräin huet eis eng Mail mat enger ganzer Partie Doleance geschriwwen. Mir wäerten dës Suergen a Probleemer dem Schäffen- a Gemengerot zoukomme loossen an de Veräin iwwert dëse Schratt informéieren.

- **VDL & Paddle**
  - Mir hunn eng Demande bei der Ville de Luxembourg gemaach fir hiert „Paddle Gebai", eventuell kucken ze goen. Leider krute mir hei nach op eisen offiziell Mail nach ëmmer keng Äntwert. Dofir huet de Sekretär mam Maurice Bauer, 1. Schäffe vun der Stad Lëtzebuerg, geschwat. Hien huet gesot, dass mir als Kommissioun gären de Paddlesterrain kënne besichtegen.

- **Statuten ASBL**
  - Mir hunn iwwert dat neit ASBLs Gesetz geschwat. Hei goufen et och schonn Informatiounsowender vum Ministère zesumme mat der Agence du Benevolat. Trotzdeem hu mir et wichteg fonnt, dass mir als Kommissioun d'Veräiner nach eemol op de Datumfrist vum September 2025 hiweisen an hinnen den direkte Link mat all den Informatioun zoukomme loossen.

## 11) <u>Nächst Datumer</u>

| Datum | Auerzäit | Plaz | Beschreiwung |
|---|---|---|---|
| 03.04.2025 | 18:00 | Centre Culturel | Veräinsversammlung – Lënster Wibbelt |
| 23.04.2025 | 19:30 | Gaston Stein | 17.Reunioun |
| 12.05.2025 | 19:30 | Gaston Stein | 18.Reunioun |
| 17.05.2025 | 16:00 | Op Fréinen | Lënster Wibbelt |
| 20.09.2025 | 09:00 | Lënster | Seefekëschterennen |

## 12) Ënnerschrëften

| | | |
|---|---|---|
| | | |
| | | |
| | | |
| | | |

Mat léiwe Gréiss
Luisa Loureiro - Presidentin
Mich Weber - Sekretär